

# RAPPORT D'ACTIVITÉS 2024

## OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME ÉISLEK ASBL

ÉISLEK
Mir sinn uewen

# INHALTSVERZEECHNES


| | |
|---|---|
| Office Régional du Tourisme Éislek ASBL | 3 – 8 |
| Luxembourg for Tourism GIE – Regional Management Éislek | 9 – 12 |
| Regional Projeten – Produktentwécklung & Erliefnisgestaltung | 13 – 30 |
| Kollaboratioun & Partner | 31 – 56 |
| Marketing | 57 – 76 |

# ORT ÉISLEK ASBL



# Opstellung vum Comité de Gérance 2024

| | |
|---|---|
| Här Jean-Paul Nagel | President |
| Madamm Francine Keiser | Vize-Presidentin, Gemeng Parc Housen |
| Här Steve Martellini | Vize-President, HORESCA (säit dem 15.04.) |
| Här André Dübbers | Member, Naturpark Our |
| Madamm Gaby Gaasch | Member, Naturpark Öewersauer (säit dem 15.04.) |
| Madamm Florence Kirtz-Bertemes | Member, CAMPRILUX (säit dem 15.04.24) |
| Här Jim Leweck | Member, Gemeng Buurschent (säit dem 15.04.) |
| Här Bernard Roemen | Member, ESILAC |
| Här Gilles Stoffel | Member, AJL (säit dem 15.04.) |
| Här Jean Zeches | Member, Tourist Center Clervaux |

De Comité de Gérance ass 2024 sechsmol, de Conseil d'Administration dräimol zesummekomm.

# Opstellung vum Conseil d'Administration 2024

| | Funktioun beim ORT Éislek | Stellvertrieder |
|---|---|---|
| Här Jean-Paul Nagel | President | |
| Madamm Francine Keiser | Vize-Presidentin, Gemeng Parc Housen | |
| Här Steve Martellini | Vize-President, HORESCA | Madamm Carole Ewert (säit dem 15.04.) |
| Här Jim Leweck | Gemeng Buerschent | Här Daniel Peters |
| Här Jean-François Steichen | Gemeng Dikrech | Här Jean-Jacques Schaeffer (säit dem 15.04.) |
| Här Joël Feyerstein | Gemeng Esch-Sauer | Madamm Vicky Heftrich |
| Här Pascal Nicolay | Gemeng Ettelbréck | Här Christian Steffen |
| Madamm Tessy Kohn | Gemeng Feelen | Här Michel Goethals |
| Här Georges Biever | Gemeng Géisdref | Madamm Lis Breyer |
| Här Paul Petry | Gemeng Veianen | Här Francis Weyrich (säit dem 15.04.) |
| Här Amel Cosic | Gemeng Wolz | Här Sven Schneider (säit dem 15.04.) |
| Här Fernand Schon | Syndicat d'Initiative de Boulaide (säit dem 15.04.) | |
| Här Lucas Thiltges | Ettelbruck City Tourist Office | |
| Här Jean Zeches | Tourist Center Clervaux | Madamm Annick Bissener |
| Madamm Aleksandra Kowalska | Syndicat d'Initiative de Wiltz | Här Ferid Hodzic |
| Här Jeppe Andreasen | Syndicat d'Initiative de Wincrange | |
| Här Bernard Roemen | ESILAC | |
| Här André Dübbers | Naturpark Our | Här Paulo Dinis |
| Madamm Gaby Gaasch | Naturpark Öewersauer | Här Aloyse Stelmes |
| Här Gilles Stoffel | AJL | Här Peter Hengel |
| Madamm Florence Kirtz-Bertemes | CAMPRILUX | Här Henri Brack |
| Madamm Annie Nickels-Theis | Les Amis du Château de Bourscheid (säit dem 15.04.) | Här Laurent Meyrer |

## Observateuren

| | | |
|---|---|---|
| Här Luis Soares | Ministère de l'Économie – Direction générale Tourisme | Stellvertrieder: Här Tom Steichen |
| Här Sebastian Reddeker | Luxembourg for Tourism | |
| Madamm Chiara Reiffers | Ministère de la Culture | |
| Här Jean-Marc Friederici | Syndicat Intercommunal Nordstad | Stellvertrieder: Här Pierre Grisius (säit dem 15.04.) |

## D'Member-Gemengen

| | | | |
|---|---|---|---|
| Gemeng Bauschelt | Gemeng Älwen | Gemeng Kiischpelt | Gemeng Tandel |
| Gemeng Bettenduerf | Gemeng Esch-Sauer | Gemeng Park Housen | Gemeng Veianen |
| Gemeng Buerschent | Gemeng Ettelbréck | Gemeng Pëtschent | Gemeng Wäiswampech |
| Gemeng Clierf | Gemeng Feelen | Gemeng Rammerech | Gemeng Wanseler |
| Gemeng Colmer-Bierg | Gemeng Géisdref | Gemeng Schieren | Gemeng Wëntger |
| Gemeng Dikrech | Gemeng Ierpeldeng-Sauer | Stauséigemeng | Gemeng Wolz |

## D'Member-Syndicaten

| | | | |
|---|---|---|---|
| SI Baastenduerf | SI Colmer-Bierg | SI Géisdref | SI Stolzebuerg |
| SI Bauschelt | SI Dikrech | SI Hengescht | SI Ueschdref – Bilschdref |
| SI Béiwen | SI Ënsber | SI Houschent | SI Wäiswampech |
| SI Bënzelt | SI Esch-Sauer | SI Kauneref (Säit dem 15.04) | SI Wanseler |
| SI Bettenduerf | SI Ettelbréck | SI Kiischpelt | SI Wëntger |
| SI Buerschent | SI Foulscht | Syndicat Intercommunal Nordstad (Säit dem 15.04) | SI Wolz |
| Tourist Center Clervaux | SI Furen | SI Pärel | |

## Aner Memberen

| | | | |
|---|---|---|---|
| Les Amis du Château de Bourscheid | Naturpark Our | AJL | HORESCA |
| Les Amis du Château de Vianden | Naturpark Öewersauer | Camprilux | ESILAC |

# Generalversammlung

D'Generalversammlung vun der ORT Éislek asbl huet de 15. Abrëll a Presenz vum Minister Eric Thill am Centre Culturel „Al Schoul" zu Schieren stattfonnt.











Eng aussergewéinlech Generalversammlung, bei där d'Cotisatiounserhéijung vum ORT gestëmmt gouf, huet de 27. August zu Housen stattfonnt.





# LUXEMBOURG FOR TOURISM GIE REGIONAL MANAGEMENT ÉISLEK



## Ekipp Regional Management Éislek

| | |
|---|---|
| Lynn Schüssler | Regional Manager Éislek |
| Eric Hahn | Product Management Cycling |
| Tim Schnelke | Product Management Hiking & Qualitéitswanderregioun Éislek |
| Tania Majerus | Product Management, Finance & Administration |
| Léini Schreiner | Experience Design |
| Florence Zacharias | Digital Management |
| Sieglinde Marx | Content & Communication |




v. l. n. r.: Tania Majerus, Sieglinde Marx, Eric Hahn, Lynn Schüssler, Tim Schnelke, Florence Zacharias, Léini Schreiner

# LFT Trend Time

De 04. Juli huet dat ganzt Team vu Luxembourg for Tourism um Workshop HBDI vun DieNavigatoren an Netzvitamine AKADEMIE deelgeholl.

De Workshop huet op der Giischterklaus am Hazelnut House stattfonnt, wou mir vun der Besëtzerin Theresa Baumgärtner häerzlech empfaange goufen.











# LFT After Works



19.04.2024
Lasergame

27.06.2024
Karaoke





13.05.2025
Winetasting

30.08.2024
Schueberfouer





# REGIONAL PROJETEN

## PRODUKTENTWÉCKLUNG & ERLIEFNISGESTALTUNG

# Éislek Bänk

Fir d'Attraktivitéit op de Wanderweeër ze steigeren, huet den ORT Éislek een neie Projet fir eenheetlech Sëtz- a Picknickbänken an d'Liewe geruff. Zil vum Projet ass ee kohärent an eenheetlecht Bild op de Wanderweeër ze schafen, wat zur Stäerkung vun der regionaler Identitéit bäidroe soll. Am Hierscht 2024 kruten d'Partner vum ORT Zougang zu engem Bestellformular, iwwert deen si Bänke beim ORT ufroe konnten. D'Bänke sinn aus lokalem Holz produzéiert an droen den Éislek-Logo.

Ee Prototyp vun der Sëtzbänk gouf um Aussiichtspunkt Houfëls zu Bauschelt, an ee Prototyp vun der Picknicksbänk um Aussiichtspunkt Gringlee an der Gemeng Buerschent opgeriicht.

D'Käschte fir d'Infrastruktur vun der Bänk droen d'Partner selwer, d'Opriichte vun de Bänke gëtt Ufank 2025 mat finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Économie – Direction Générale du Tourisme vum ORT organiséiert. Dëst soll ee fortlafende Projet sinn, soudass d'Partner all Joer d'Méiglechkeet solle kréien Éislek-Bänken iwwert den ORT ze bestellen.



Prototyp vun der Picknicksbänk um Aussiichtspunkt Gringlee

# Kollaboratioun a Partner – Wanderfrëndlech Gastgeber

2023 huet den ORT am Kader vun der Qualitéitswanderregioun eng nei regional Auszeechnung fir Betriber entwéckelt. Dës baséiert op engem Critèrëkatalog dee sécherstellt, dass eng Rei wichteg Standarde fir Wandergäscht erfëllt sinn.

2024 si 15 nei „Wanderfrëndlech Gastgeber" ausgezeechent ginn, soudass elo 28 Betriber an dësem Netzwierk vertruede sinn, dorënner Hotellen, Campingen a Jugendherbergen.



Camping im Aal



Dirbach Plage



Jugendherberg Lultzhausen




Cornelyshaff

# Wanderfrëndlech Gastgeber



Camping Bissen

Leweck Resort





Camping Bleesbruck

Camping Liefrange



# Wanderfrëndlech Gastgeber

Am Laf vum Joer gouf de 27. Februar an de 27. November jeeweils ee Gastgebertreffen organiséiert.

Wärend dat éischt Treffen de Front-People aus de Betriber eng Formatioun mat uschléissender Wanderung gebueden huet, gouf beim zweeten Treffen ee Réckbléck op d'Joer gemaach an den Austausch tëschent de Betriber an dem ORT mat Diskussioune ronderëm verschidden Theme gefërdert.



Treffe vun de wanderfrëndleche Gastgeber, 27. November 2024



Treffe vun de wanderfrëndleche Gastgeber, 27. Februar 2024





## Qualitätsregionentreffen „Wanderbares Deutschland“

Den Tim Schnelke huet vum 15. bis den 18. Oktober um „Treffen der Qualitätsregionen Wanderbares Deutschland“ am Frankenwald deelgeholl. Am Fokus vun dësem Treffe stoungen dëst Joer Theme wéi de Wegemanagement, Marketing a Kommunikatioun am Beräich Aktivtourismus an d’Upassunge vun der Wanderinfrastruktur am Kader vum Klimawandel.



## Wanderinfrastruktur & Wegemanagement

Ee wichtegen Aufgabeberäich vum ORT läit am Wegemanagement vun der Qualitéitswanderregioun. Als zertifizéiert Regioun ass et wichteg, de Qualitéitsstandard vun de Weeër ze erhalen a wa méiglech weider ze verbesseren.





Zu dësem Aufgabeberäich gehéieren:
- D'Gestioun vu Reklamatiounen
- D'Weidergi vun Informatiounen un déi richteg Instanzen, z.B. un d'Fierschteren oder un d'Ekippe vun der CNDS a vum Forum pour l' Emploi, déi d'Aarbechten um Terrain duerchféieren
- Déi reegelméisseg Kontroll um Terrain
- D'Ëmleedungen a Spärunge vu Weeër
- D'Aktualiséiere vun de Weeër op allen Online-Portaler






# Statistik Eco Counter

Den ORT Éislek huet eng 8 Zielstatioune, wouvun der de Moment 7 am Asaz sinn. 2024 goufe mat dëse Statiounen insgesamt 40.671 Wanderer an der Regioun gezielt. D'Ziel-Statioune sinn duerch dat ganzt Éislek verdeelt.

**Standorte Zählstationen**





## Kennzahlen

1. Januar 2024 → 31. Dezember 2024

Summe **40 671**

Spitzentag **660**
Samstag
6. Apr. 2024

**Verteilung**




1. Januar 2024 → 31. Dezember 2024

**Zusammenfassung der Kennzahlen**

| Zählstelle | Summe |
|---|---|
| Eislek 1_Burfelt | 6 323 |
| Eislek 2_Ettelbruck | 5 741 |
| Eislek 3_Molberlee (Pyro) | 8 867 |
| Eislek 4_Kautenbach | 3 366 |
| Eislek 5_Troisvierges | 3 430 |
| Eislek 6_Schässbierg | 8 935 |
| Eislek 7_Vianden | 4 009 |
| Eislek 8_Vianden (Multi) | |

## Rezertifizierung Nat'Our Routen

Déi grenziwwerschreidend Nat'Our Routen 4 a 5 sinn 2024 erfollegräich als „Premiumwanderwege" rezertifizéiert ginn. D'Punktzuel ass bei der Nat'Our Route 4 mat 71 d'selwecht bliwwen.

D'Nat'Our Route 5 huet mat 91 Punkte souguer 4 Punkte bäikritt. Dës Opwäertung huet laut dem Prüfbericht follgend Grënn: déi gutt Busverbindung tëschent Veianen a Bivels, d'Opwäertung vun der Staumauer duerch en neit Konschtwierk, an déi nei Vernetzung mat anere Wanderweeër an eng Noutfallorientéierung duerch d'Wegweiser am Éislek. D'Mängel déi aus dem Prüfbericht ervirginn si scho behuewe ginn.

Déi geplangte Rezertifizéierunge vun den Nat'Our Routen 1 an 2 goufe vum Däitsche Wanderverband op d'Fréijoer 2025 verréckelt. Des ginn all 3 Joer duerchgefouert.




© Les Explorateurs du Monde

# Guided Tours

D'Guide vum ORT Éislek hunn och 2024 nees hiert vollt Engagement fir d'Regioun gewisen.

Insgesamt waren si op 646 Visitte mat 11.507 Leit ënnerwee.
Déi dräi meescht besichte Sitte vum Joer waren
- d'Family of Man
- d'Koffergrouf
- d'Solarboot

| | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|
| Guided Tours | 600 | 637 | 646 |
| | | (+6% vs 2022) | (+1% vs 2023) |
| Visitors | 11.434 | 12.671 | 11.507 |



# Formatiounen

Am Februar 2024 huet eng Formatioun um neien SEBES Standuert zu Eschduerf stattfonnt. An Zesummenaarbecht mat der SEBES a mam Jean Reitz (Arts & Cultural Management) goufen op verschidden Datumer Formatioune fir déi interesséiert Guiden ugebueden.

Ab Mäerz 2024 hunn du schonn déi éischt Visittë stattfonnt.







# Guideversammlung

Den 12. Dezember huet déi järlech Guideversammlung stattfonnt. An dësem Kader sinn d'Statistiken a Projete vum Joer presentéiert ginn a bei engem gesellegen Iesse konnt d'Joer zesummen ofgeschloss ginn.









# LEADER-Projet „Zeitreise“

De Projet „Zeitreise“ beräichert d’Regioun Éislek andeems en onbekannt Geschichten a vergiesse Platze rëm nei opliewe léisst an domat dës POI’e revaloriséiert.

De LEADER Projet Zeitreise konnt 2024 finanziell erfollegräich an Zesummenaarbecht mam LEADER Büro Éislek, Ministère de l’Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural an dem Ministère de l’Économie ofgeschloss ginn.

Am Laf vum Joer goufen déi restlech Infotafelen op deenen ausgewielte POI’e vum Forum pour l’Emploi opgeriicht. Opgrond vu feelende Geneemegunge konnte véier Tafelen 2024 nach net installéiert ginn.

An Éisträich an der Partnerregioun Attersee-Attergau goufen déi 4 gemeinsam Infotafelen och installéiert a komme bei de Besicher souwéi och den Eenheemesche gutt un. Dank de Statistiken, déi weisen, wéi dacks d’QR-Coden op den Infotafelen gescannt goufen, ka genau gekuckt gi wéi d’Tafelen an hir Inhalter genotzt ginn.





Info-Tafel zu Housen

Meescht gescannte QR-Codë säit Opriichtung vun den Infotafelen:

1. Branebuerger Schlass (Gemeng Tandel): 395 Scans
2. Përmeshaff (Stauséigemeng): 87 Scans
3. Houffelter Kanal (Gemeng Wëntger): 73 Scans





Info-Tafel zu Branebuerg



Info-Tafel um Përmeshaff

# INTERREG-Projet „ECHO-GR“

Den ORT Éislek ass partenaire méthodologique am INTERREG-Projet « European Cultural Heritage Odyssey – Greater Region » (kuerz: ECHO-GR), deen Enn vum Joer d'Geneemegung fir d'Ëmsetzung kritt huet.

D'Zil vun dësem Projet ass et, virun allem Jonker fir dat gemeinsaamt politescht Ierwe vun der Groussregioun ze sensibiliséieren an d'Zesummenaarbecht an den Austausch iwwert d'Grenzen ewech zu dëser Thematik ze förderen.

Lafzäit vum Projet: 01.01.2025 – 31.12.2027
Partenaire chef de file: Province de Luxembourg



# INTERREG-Projet „Sous nos pieds“

Den ORT Éislek ass partenaire méthodologique am INTERREG-Projet « Sous nos pieds ».

D’Zil vun dësem Projet ass et, dat geologescht an industriellt Ierwe vun der Groussregioun besser ze erfuerschen, ze erhalen an opzewäerten.

De Projet ass 2024 gestart mat 3 Aarbechtssëtzungen an enger éischter Netzwierkveranstaltung, déi den 21. November am Musée métallurgique et minier de Musson-Halanzy (B) stattfonnt huet.

Lafzäit vum Projet: 01.01.2024 – 31.12.2027



# KOLLABORATIOUN & PARTNER




© Visit Éislek/Hype

# Formatioune fir Partner

Zesummen hunn déi 5 ORT'e mat finanzieller Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Économie – Direction Générale du Tourisme eng Rei vu Formatioune geplangt. Pro Regioun gouf eng Sëtzung organiséiert:

- Informatiounsowend iwwert de barrièrefräien Tourismus mat enger Aféierung an d'Thema „Tourimus für alle" an der Virstellung vun de Komfortwanderweeër (Neumann Consult) esouwéi touristesch Offere speziell fir Leit mat intellektueller Beanträchtegung (Op der Schock). Dës Formatioun huet den 11. Dezember zu Woltz am Schlass stattfonnt.


- D'Online-Formatioun „Das Gesicht der Region – Inszenierung der Tourist Info" vu Kohl&Partner, déi de 5. an den 19. Dezember stattfonnt huet, huet sech un d'Mataarbechter aus den Tourist Info'e geriicht an déi zukünfteg Entwécklung vun der Tourist Info thematiséiert.





Enn vum Joer huet den ORT ausserdeem rëm d'Online-Formatiounsrei „Éislek Digital Talks" lancéiert mat Theme ronderëm d'Digitalisatioun:

- 03.12.2024: Die nationale Tourismusdatenbank
- 17.12.2024: LuxembourgCard Attraktion werden
- 13.01.2025: Wie funktioniert echo.lu?
- 15.01.2025: Das luxemburgische Géoportail nutzen
- 30.01.2025: Einblicke in die Marktforschung von LFT






„Éislek Digital Talk"

SPANNENDE WORKSHOPS, ZUGESCHNITTEN AUF IHRE BEDÜRFNISSE

Liebe Partnerinnen und Partner,

als regionale Tourismusagentur gehört es zu unseren Missionen, Ihnen in gewissen Bereichen beratend und helfend zur Seite zu stehen. Deshalb haben wir uns dazu entschieden, auch dieses Jahr wieder unsere Workshop-Reihe „Éislek Digital Talks" zu organisieren.

Dieses Jahr sind die Themen besonders vielfältig: von der nationalen Tourismus-Datenbank bis hin zum Géoportail über die LuxembourgCard, echo.lu und die Zukunftsperspektiven im luxemburgischen Tourismus ist für jede und jeden etwas Passendes dabei.

Wir freuen uns auf Ihre Teilnahme!

Team Visit Éislek

# „Meet the ORT“

Den 12. September huet d’Networking-Event “Meet the ORT” an der Robbesscheier zu Munzen stattfonnt. Den ORT huet all seng regional Partner ageluede fir sech a gemittlecher Atmosphär zu aktuellen Themen auszetauschen a sech besser kennen ze léieren.

Ronn 50 Persounen hunn un dësem Event deelgeholl. Dëst Event soll a Zukunft reegelméisseg widderholl ginn, fir an der Regioun eng Tourismus-Community ze schaffen an de Secteur op regionalem Niveau ze stäerken.











# Tourist Info Get Together

Den 3. Dezember huet den ORT d'Mataarbechter aus de regionalen Tourist Infoen op een Erfarungsaustausch mat uschléissendem Iessen invitéiert. Bei engem animéierte Workshop gouf zesummen d'Saison Revue passéiere gelooss an sech iwwer verschidden Themen ausgetosch.



Dem Team vu Visit Éislek huet dëst ee wäertvollen Abléck an d'Challenges an d'Erwaardunge vun den Tourist Infoen erméiglecht.

Dëst Format soll an Zukunft weider ausgebaut ginn.





KOLLABORATIOUN & PARTNER – REGIONAL

# Tourist Info Get Together













# Site Inspections

Och 2024 huet den ORT seng „Site Inspections" weidergeféiert. Bei dëse Visite ass d'Ekipp vum Regional Management Éislek selwer um Terrain ënnerwee, fir d'Regioun an d'POI'e besser kennenzeléieren, mee och fir a Kontakt mat de Partner ze kommen.

Nieft deene béide Moossname („Meet the ORT" an „Tourist Info get together") sinn dës „Site Inspections" integral Bestanddeeler vum lokalen Networking, duerch deen d'Aarbecht vum ORT bei de Partner besser bekannt gëtt an duerch deen den ORT d'Aarbecht vu senge Partner besser no bausse kommunizéiere kann.

2024 war d'Ekipp vum Regional Management Éislek op deene follgende Plazen ënnerwee:

- Park Sënnesräich, Lëllgen
- Sentier des Passeurs, Ëlwen
- Veiner Stadmusée, Veianen
- Guidéiert Tour „Mëttegspaus bei de Réimer", MNHM an CNVH, Dikkrech
- Guidéiert Tour SEBES
- 385th Bomb Group Musée, Pärel
- Pompjeesmusée "An der Géitz", Woltz



Park Sënnesräich



Sentier des Passeurs




SEBES

# Site Inspections



Veiner Stadmusée

CNVH, MHSD & MNHM











Pompjeesmusée

385th Bomb Musée



# Regional Presenz



**17.04.2024**
**LEADER Slow Trip Ofschlossfeier, Randschelt**

**01.06.2024**
**Rendez-vous aux jardins, Colmar-Berg**





**26.04.2024**
**Aweiung Kanner-musée Plomm, Wooltz**

**06.06.2024**
**Aweiung Lauschtour „Éislek Pad“, Aasselbuerer Millen**



# Regional Presenz



**12.07.2024**
**Aweiung Veiner Schwemm**



**29.07.2024**
**Përmeshaff**
**Visite vum Minister Eric Thill**





**30.07.2024**
**Aweihung Gîte „Beim Mulles“, Veianen**

**02.12.2024**
**Visite op der SEO, Stolzebuerg**



## Studentenasaz am Summer 2024

Wéi all Joers hat den ORT och am Summer 2024 rëm d'Méiglechkeet, mat Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Économie, Studente fir d'Regioun ze rekrutéieren. Am Ganzen hu 14 touristesch Strukture vun dëser Moossnam profitéiert, a 76 engagéiert Studenten hu wärend de Summerméint a Muséen, Tourist-Informatiounen oder Fräizäitariichtungen am Éislek ausgehollef.

Dëst huet net nëmmen dozou bäigedroen déi touristesch Saison ze ënnerstëtze, mee och de Studenten d'Méiglechkeet ginn een Abléck an d'Aarbechtswelt ze kréien.





# National Zësummenaarbecht am Beräich Wanderen

*Text: Laura Schömer, Gestionnaire de projets – Tourisme actif, Ministère de l'Économie – Direction Générale du Tourisme*

Austausch der Wanderbeauftragten
Um den Austausch zwischen dem Ministerium für Wirtschaft, Generaldirektion für Tourismus („DG Tourisme") und den Regionalen Tourismusverbänden zu fördern und sich über verschiedene gemeinsame Themen auszutauschen, finden in regelmäßigen Abständen Treffen der Wanderbeauftragten gemeinsam mit der DG Tourisme statt.
Inhalte der diesjährigen Treffen waren u.a.: Komfort-Wanderwege, Wegemanagement, Unterhalt der Wanderwege, eine neue Kartengrundlage zur Erstellung von Wanderkarten, eine Ergänzung der Markierungsregeln, eine Wanderwege-Collection im Rahmen der Kampagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz!", die Erstellung eines Visit Luxembourg Accounts bei Komoot, Zählstationen.
Es haben drei Treffen stattgefunden (2 vor Ort, 1 digital).

Teilnahme an Schulungen
Des Weiteren hat das ORT an einer von der DG Tourisme organisierten Schulung zum Leitfaden für Wanderwege in Luxemburg (Theorie/ Praxis) teilgenommen (1 Tag, vor Ort).
Außerdem hat das ORT an einer von der DG Tourisme organsierten Schulung zur Zertifizierung von Leading Quality Trails – Best of Europe sowie Leading Quality Trails – Best of Europe Day Walks.Die Schulung wurde vom Deutschen Wanderverband im Auftrag der European Hiking Federation durchgeführt und befähigt die Mitarbeitenden der regionalen Tourismusverbände zur Vorbereitung der (Re-)zertifizierung von Wanderwegen.

Komfort-Wanderwege
In Zusammenarbeit der betroffenen ORTs mit der DG Tourisme wurden im Jahr 2024 zwei neue Komfort-Wanderwege installiert: der Komfort-Wanderweg Echternach See und der Komfort-Wanderweg Grevenmacher.  Weitere Wege wurden geplant und werden 2025 umgesetzt.

Auto-Pédestre-Wanderwege
Die Überarbeitung der Auto-Pédestre-Wanderwege wurde in 2024 fortgesetzt, mit dem Schwerpunkt auf den Regionen Guttland, Mosel und Mullerthal – Kleine Luxemburger Schweiz.



# National Zesummenaarbecht am Beräich Vëlo

*Text: Anne Haag, Gestionnaire de projets – Tourisme actif, Ministère de l'Économie – Direction Générale du Tourisme*

Afin de favoriser les échanges entre le Ministère de l'Economie, Direction générale du tourisme (DG Tourisme) et les Offices régionaux du tourisme (ORT) sur différents thèmes communs, des réunions entre les délégués au cyclisme des différents ORTs conjointement avec la DG Tourisme sont organisées à intervalles réguliers.

L'ORT et la DG Tourisme se sont rencontrés 2 fois an 2024. La première réunion a eu lieu le 28.03.2024 au Ministère de l'Economie. La deuxième réunion a eu lieu le 13.08.2024 au Mullerthal à Larochette et a été suivie d'un tour à vélo sur le terrain pour découvrir la mise en place de la signalétique cyclable régionale.

Les sujets discutés comprenaient :
- l'avancement de l'installation de la signalétique cyclable régionale dans les différentes communes du projet pilote au Mullerthal ; celui-ci comprenait principalement l'ORT Mullerthal mais aussi 3 autres ORTs (Moselle, Guttland et Eislek). Le ministère de l'Economie et le ministère de la Mobilité et des Travaux publics ont présenté le projet à la presse lors d'une conférence de presse le 3.06.2024. L'ORT Mullerthal a élaboré des circuits cyclables qu'il compte mettre en place sur le réseau cyclable régional ;
- le Vëlosummer a également été un sujet régulier lors de ces réunions pour présenter les circuits, organiser des événements et sa communication
- la carte cycliste a été discutée afin d'améliorer l'acheminement de l'information.
- Au besoin des informations sur l'étude VTT ont été communiquées.

Les sujets en cours sont le projet Rent a bike (harmonisation et plateforme de réservation commune), la présentation du vélo sur le site web de visitluxembourg et la définition du groupe cible pour le développement d'autres offres de vélo dans les différentes régions. La base de données LFT, Geoportail et Komoot sont également des sujets régulièrement discutés.



© Optin

# Konzept fir den Mountainbike- a Graveltourismus zu Lëtzebuerg

*Text: Laura Schömer, Gestionnaire de projets – Tourisme actif, Ministère de l'Économie – Direction Générale du Tourisme*
*Projektträger: Ministère de l'Economie, Direction Générale du Tourisme*

Ziel des Projektes:
Ziel des Projektes ist die Erarbeitung eines nationalen Mountainbike- und Graveltourismuskonzeptes. Dieses Konzept soll als strategische Grundlage für die weitere Produktentwicklung und -positionierung im Bereich des Mountainbike-/ Graveltourismus dienen. Das Konzept soll eine nachhaltige und umweltfreundliche Besucherlenkung im Bereich des Mountainbike-/ Gravelbiketourismus fördern.
Im Rahmen des Konzeptes werden die für Luxemburg relevanten Zielgruppen im Mountainbike- und Graveltourismus herausgearbeitet, sowie eine passende Angebotsgestaltung und Zielgruppenansprache definiert. Des Weiteren werden Potenzialräume für die Entwicklung des Mountainbiketourismus definiert und Handlungsempfehlungen für die zukünftige Entwicklung gegeben.
Projektpartner sind die fünf ORTs und LfT sowie die Administration de la Nature et des Forêts und die Jugendherbergs-Zentrale als beratende Partner. Das Projekt wird in Zusammenarbeit mit BTE Tourismus- und Regionalberatung durchgeführt.

Aktivitäten des ORT im Projekt 2024:
Teilnahme an 2 Expert*innengesprächen
Teilnahme an 3 Workshops


© Vincent Frasiak

# Participatioun um däitsche Mountainbike-Kongress

Den Eric Hahn huet vum 4. bis 6. Juni 2024 um däitsche Mountainbike-Kongress am Pfälzerwald deelgeholl. Wärend deenen zwee Deeg konnt hie Best Practices vun anere Mountainbike-Regiounen entdecken a sech mat Experten austauschen.

Aner Sujete waren de Storytelling, de Marketing an d'KI. Bei enger Tour mam Mountainbike konnt den Eric déi lokal Infrastruktur entdecken an Inspiratioun fir zukünfteg Projeten am Éislek sammelen.











A. Serexhe (S. 49)

# National Zesummenaarbecht am Beräich „Tourisme pour Tous“

Fir sech zesummen iwwert de barrièrefräien Tourismus zu Lëtzebuerg auszetauschen an d’Thematik ze fërderen, gëtt an onreegelméissegen Ofstänn vum Ministère de l’Économie – Direction Générale du Tourisme een nationalen Aarbechtskrees mat der Firma „Neumann Consult“ an alle wichtegen Acteuren aus dem Tourismussecteur aberuff.

Den Aarbechtskrees ass 2024 zweemol zesummekomm, desweideren huet eng Excursioun op d’Baggerweieren an an d’Jugendherberge zu Remerschen stattfonnt.







# National Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz“

D’Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz“, organiséiert vum Ministère de l’Economie – Direction Générale du Tourisme, stoung 2024 ënnert dem Motto „Kulturtourismus“.

Den Optakt vun der Campagne huet de Season Opening op der Place d’Armes vum 12. bis de 14. Abrëll gemaach.

Wärend der ganzer touristescher Saison goufen an eiser Regioun verschidde guidéiert Tier op Social Media promovéiert, mam Zill d’Bekanntheet vun dësen Offeren am kulturelle Beräich ze steigeren. Donieft goufen och Annoncen an der Press a Publireportagen an deene lokale Gemengebiet, an deenen déi Offer präsentéiert gouf, veröffentlecht.




Season Opening Place d‘Armes





# National Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz"






















Social Media Campagne am Kader vun LDAV

# National Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz“

Iwwerdeems goufen iwwert de Ministère de l’Économie – Direction Générale du Tourisme verschidde Fotoshootings vun Traditiounseventer uechter d’Regioun organiséiert. An dësem Kader goufen och kuerz Videoe produzéiert, déi op Social Media publizéiert goufen. All dëst Material wäert an de nächste Joren nach benotzt kënne ginn, fir lokal Eventer bei enger relevanter Zilgrupp ze promouvéieren.













Visit Éislek/Hype (S. 53)

## National Campagne „Lëtzebuerg, dat ass Vakanz"

Vum 27. Juli bis de 25. August huet am Kader vun der Campagne och déi fënneft Editioun vum „Vëlosummer" stattfonnt. D'Éislek konnt een och dës Kéier nees op insgesamt 3 Strecken entdecken:

- Tour „VëloViaNorden"
- Tour „Uewersauer"
- Dräi-Däller-Tour

2024 hu ronn 31.300 Persounen um Vëlosummer deel geholl.



# Press- & FAM Trips


D'Press-Team vun LFT huet de Besuch vu verschidde Journalisten, Blogger an Influencer am Éislek organiséiert:

- 28 Journalisten
- 21 Blogger & Influencer

Donieft hu 4 FAM Trips 2024 am Éislek stattfonnt:
28.06.-30.06.: FAM Trip Wandern: (5 Pax, DE)
05.07.-07.07.: FAM Trip City & Ëmgéigend (11 Pax, DE)
27.09.-29.09.: FAM Trip Open & Divers (6 Pax, UK)
15.12.-18.12.: FAM Trip China (10 Pax, PRC)



**Juni 2024**
**Bloggerreise Globetrotter & Tatonka, mam Franziska Consolati & Tom Jutzler**





**Wandermagazin Escapardenne Lee Trail – Wandertage mit ganz viel Wow**




**Gepackt & Los Wandern in Luxemburg**











# Press- & FAM Trips




ORF ON
Das grüne Großherzogtum Luxemburg




juriancuypers




lauramende




travander.nl


# MARKETING



# Digital Management

<u>Nei Escapardenne Landing-Page</u>
Zesumme mam Parc Naturel des deux Ourthes gouf eng nei Landingpage fir de grenziwwerschreidenden Etappewanderwee „Escapardenne“ ausgeschafft, déi am September online gaang ass.

Op dëser Landingpage www.escapardenne.eu fënnt de Gaascht all relevant Informatiounen zum Escapardenne Lee Trail an zum Escapardenne Éislek Trail, wéi z.B. déi präzis Etappebeschreiwungen, Iwwernuechtungsméiglechkeeten a Restauranten, op enger Plaz.



















# Internetsite

Ofschaltung vun der Éislek App
D'Éislek App gouf Mëtt vum Joer ofgeschalt, nodeems dëst schonn Ufank vum Joer bei alle Partner annoncéiert gi war. Een Haaptgrond duerfir war dass d'App net méi den aktuellen technesche Standarden entsprach huet.
Déi vu Luxembourg for Tourism entwéckelten „Visit Luxembourg"-App bitt heizou déi perfekt Alternativ.

Neigestaltung vum Online-Shop
Fir d'Notzerfrëndlechkeet an d'Kaferliefnis ze verbessere gouf am Laf vum Joer d'Shop-Säit op www.visit-eislek.lu erneiert. Dofir gouf sech fir d'E-Commerce-Software „Shopify" entscheet, déi ee modernen a flexibelen Opbau vum Online-Shop erlabt.

An dësem Shop fënnt den Endclient all Informatiounsmaterial (gratis oder payant) oder Gadget vu Visit Éislek a ka bequeem vun doheem aus bestellen a bezuelen.


















Participatioun um Web Summit zu Lissabon
Fir neie Knowhow, huet d'Florence Zacharias vum Digital Management um Web Summit zu Lissabon deelgeholl.

D'Invitatioun koum iwwert „Women in Tech" a Kollaboratioun mat Luxembourg for Tourism GIE .

Wärend dësem Kongress, huet d'Florence u verschiddene Konferenzen, Tables Rondes a Meetingen zu Sujete wéi KI a Webtechnologien participéiert. Hatt konnt och divers Start-Ups kenneléieren an nei Kontakter opbauen.






## Internetsite

Den Internetsite vu Visit Éislek war och 2024 nees gutt besicht, mat am ganzen 517.000 Views.


**Länner Opläschtung (Views):**
1. Lëtzebuerg – 206.000
2. Belsch – 82.000
3. Holland – 58.000
4. Däitschland – 36.000

**Meeschtbesichten Säiten (Views):**
Home: 70.000
Interaktiv Kaart: 24.000
Stauséi: 12.000
Escapardenne: 8.000

**Interesse vun de User:**
1. Wandern (Éislek Pied, Escapardenne, Viewpoints)
2. Veranstaltungen
3. Stausee (Seen, Wassersport)
4. Tickets (Schlösser, Visite Colmar-Berg)

**Regiondo & Onlineshop**

Shopify: Shopstart am 01.11.2024
Gesamtumsatz November + Dezember: 1.996,25 €
Bestellungen : 76



## Regiondo:

Visit Éislek Angebot Account (Offer Visit Éislek)
Verkaaften Ticketen: **967**
Am meeschte verkaaft:
1. Visite Guidée: Rendez-vous aux jardins, Colmar-Berg
2. Wanderkaarten & Dein Augenblick Éislek
3. Visites Guidées

Vertriebskanal *Visit Luxembourg* (POI's am Éislek)
Verkaaften Ticketen: **688** | Ëmsaz: 7.170,50 €
Am meeschte verkaaft:
1. Schlass Veianen
2. Buurschter Schlass
3. Koffergrouf

Vertriebskanal *Visit Éislek* (Partner Accounte & Verkafs-Widgets Partnerangeboter)
Verkaaften Ticketen: **6447** | Ëmsaz: 52.557,00 €
Am meeschte verkaaft:
1. Schlass Veianen: 1583 Ticketen
2. Koffergrouf: 767 Ticketen
3. Buurschter Schlass: 278 Ticketen

Total Ticketen: **8.102**




Vertriebskanal
Visit Luxembourg




Verkafs-Widgets
Parnterangebot

# Social Media

Den ORT ass an de soziale Medien op Instagram a Facebook reegelméisseg aktiv a liwwert Inspiratioun an Informatiounen zur Regioun.


Op Instagram ginn déi flottste Biller aus der Regioun déi mam #éislek getaggt si gedeelt.

Op der Facebook Säit gouf et am Joer 2024 eng Croissance vun 1.400 Leit. Den Instagram Account ass ëm 1.800 Follower geklommen.




**Facebook: 13.600 Follower (+11,5% vs. 2023)**

**Mat dësem Post hate mir 84.500 Views (net gesponsert)**










**Instagram: 10.600 Follower (+20,4% vs. 2023)**


**Mat dësem Post hate mir 40.500 Views (net gesponsert)**

# Social Media



# Social Media

2024 hat den ORT Éislek och nees verschidde Kollaboratioune mat Influencer:

- Mee 2024: Leptitbaroudeur (collab LFT) – BE/FR
- Juli 2024: Les Explorateurs du Monde - BE/FR
- Oktober 2024: Jacquessnorres – DE-Saarland
- Oktober 2024: Alongtheroad.be – BE/NL
- Dezember 2024: Lost in Luxembourg - LU




Les Explorateurs du Monde



Leptitbaroudeur




Jacquesnorres

# Social Media

Newsletter

Och 2024 gouf de Newsletter vu Visit Éislek all dräi Méint un ca. 1000 Empfänger verschéckt. An dësem Newsletter, dee sech prioritär un eis B2B-Partner riicht, ginn all relevant Neiheete präsentéiert, sief et spezifesch an der Regioun oder op nationalem Niveau. Donieft berichte mir och iwwert d'Aktivitéiten, déi den ORT Éislek an der Regioun duerchféiert.

Ëffnungsraten bis zu 50 % a Klickraten bis zu 10 % weisen, dass den Newsletter bei der Zilgrupp op Interessi stéisst.


Visit Éislek & Visit Luxembourg
Broschüren bestellen

Sollten Sie noch **größere Mengen an Broschüren von Visit Éislek oder Visit Luxembourg** benötigen, können Sie diese jederzeit auf der jeweiligen Website bestellen und kostenlos zu sich liefern lassen.

Alle kostenlosen Broschüren werden durch den Logistikdienst von LFT geliefert, während die zahlungspflichtigen Werbeunterlagen von Visit Éislek versandt werden.

**Achtung: Dieser Service ist professionellen Partnern aus der Tourismusbranche vorbehalten.**

Bestellung Visit Éislek

Bestellung Visit Luxembourg




Éislek News



# PR & Mediepresenz

Och an dësem Joer gouf d'Mediepresenz vu Visit Éislek a Kohärenz mat der nationaler Strategie opgebaut. Bezuelt Annoncë goufe prioritär an der nationaler a regionaler Press geschalt. Dozou koumen eng Rei gratis Annoncen a Publireportagen, déi a lokale Medien, wéi de Gemengebiet, publizéiert goufen.

Donieft huet d'Team vum Regional Management Éislek verschidde Journalisten an Auteure bei hire Recherche-aarbechten ënnerstëtzt. Dës Journaliste goufen entweder direkt vu Visit Éislek kontaktéiert, vu Luxembourg for Tourism un eis virugeleet oder sinn direkt op eis duer-komm.

Zu deenen opwändegste Projeten 2024 gehéiert ee Reportage am SWR, aus der Serie „Expedition in die Heimat". An dëser 45-Minutte-Sendung gouf de Floss Our am Detail präsentéiert, dobäi verschidde wichteg POI'en aus eiser Regioun.




**Bäitrag Wanderbar Magazin**



**Wanderführer:** „Dein Augenblick" stellt 35 Wanderungen im Norden Luxemburgs vor

## Die schönsten Wege des Éislek

**Vianden**

Wanderfans, die auf der Suche nach atemberaubenden Landschaften, abwechslungsreichen Wegen und kulturellen Highlights im Éislek (Ösling) sind, haben einen neuen unverzichtbaren Begleiter. Der Kompass-Verlag hat einen umfangreichen Bildwanderführer herausgebracht, der 35 der schönsten Wanderungen in der Region vorstellt.

Der Bildwanderführer, der zur Serie „Dein Augenblick" gehört, ist mehr als nur ein Reiseführer. Er lädt dazu ein, die Region, ihre natürliche Schönheit und ihre Geschichte zu Fuß zu erkunden. Von gemütlichen Spaziergängen bis hin zu anspruchsvollen Touren finden Wanderfans in diesem Führer ihr perfektes Abenteuer.

Detaillierte Beschreibungen, Karten und attraktive Fotos erwecken jeden Weg zum Leben und heben beeindruckende Aussichtspunkte, versteckte Naturschönheiten und historische Sehenswürdigkeiten bei jeder Wanderung hervor. Ganz gleich, ob man die spannende Topografie erobern, etwas über die Flora und Fauna erfahren oder sich mit dem reichen Erbe der Region befassen möchten: Dieser Wanderführer wird sowohl Erstbesuchern als auch Einheimischen gerecht. Leserinnen und Leser können buchstäblich eintauchen in die vielfältigen Landschaften der ersten zertifizierten Wanderregion Europas.

Highlights des Wanderführers sind attraktive, großformatige Fotos: Die Serie „Dein Augenblick" versteht sich als Bildwanderführer. Großformatige Bilder lassen direkt in die Destination Éislek eintauchen. Landschaftliche Wunder: Die ausgewählten Touren heben einzigartige Naturwunder und Aussichtspunkte hervor, die nur zu Fuß erreichbar sind.

Abwechslungsreiche Pfade: Wanderwege, die auf die individuellen Bedürfnisse zugeschnitten sind und auf denen selbst Einheimische noch neue Schätze entdecken können. Wichtige Informationen: Detaillierte Wegbeschreibungen, anschauliche Kartografie und Höhenprofile sorgen für einen reibungslosen Ablauf der Wanderung.


„Dein Augenblick – Éislek Luxemburg. 35 Wandertouren, die dich ins Staunen versetzen" ist in örtlichen Buchhandlungen, auf der Website www.visit-eislek.lu oder per Mail an info@visit-eislek.lu und in den Tourist-Infos zum Preis von 19,95 Euro erhältlich. Den Wanderführer gibt es nur in deutscher Sprache. (arco)

Der Bildwanderführer „Dein Augenblick" zeigt die schönsten Wanderungen Nordluxemburgs.
Foto: Visit Éislek

**Bäitrag am Grenz-Echo**

# PR & Mediepresenz



Bäitrag SWR
Expedition in die Heimat – Eine Reise in die Our-Welt



| Sponsored Content |

# Kultur im Éislek: Geschichte erleben, Traditionen feiern

Das Éislek im Norden des Landes ist nicht nur ein Paradies für Naturliebhaber, sondern auch ein wahrer Schatz für Kulturinteressierte. Von geführten Städtetouren bis hin zu Erlebnisführungen und traditionellen Events ist hier für alle etwas Passendes dabei.

## Geführte Touren: Geschichte und Kultur hautnah erleben

Visit Éislek und seine Partner bieten eine breite Palette an geführten Touren an, die Besuchenden die Geschichte und Kultur der Region näherbringen.

Die charmanten Städte Esch-sur-Sûre, Clervaux, Wiltz und Vianden laden mit ihren historischen Altstädten, imposanten Schlössern und malerischen Gassen zum Erkunden ein. In der Ausstellung „The Family of Man" in Clervaux, die zum UNESCO-Weltdokumentenerbe gehört, können Kulturinteressierte in die Welt der Fotografie eintauchen.

Die Begleitung durch einen ausgebildeten Guide macht jede Tour zu einem unvergesslichen Erlebnis. Mit fundiertem Wissen und spannenden Geschichten wird die Vergangenheit zum Leben erweckt, und Teilnehmende können das Éislek mit all seinen Facetten entdecken. Dabei erhalten sie exklusive Einblicke, Insidertipps und Anekdoten, die bei einer individuellen Erkundung verborgen blieben.

Alle diese Touren können über www.visit-eislek.lu, Rubrik „Geführte Besichtigungen" gebucht werden.

*Ein zusätzlicher Tipp: Anlässlich des 80. Jahrestages der Ardennenoffensive bietet sich ein Besuch des historischen Kriegsschauplatzes Schumannseck an. Geschichtsinteressierte erleben hier eine bewegende Führung, bei der 65 lebensgroße Silhouetten, Überreste wie Schützenlöcher und Bombenkrater sowie die Erläuterungen eines erfahrenen Guides die Geschichte der erbitterten Gefechte lebendig werden lassen.*

## Erlebnistouren: Eintauchen in vergangene Zeiten

Neben den klassischen Führungen bietet Visit Éislek auch einzigartige Erlebnistouren an. Folgen Sie den Spuren der Postreiter in Asselborn, erkunden Sie die Fluchtrouten der Resistenzler auf dem „Sentier

Bäitrag
Urlaub & Kultur




RTL.lu
Sponsored Content
„Dein Augenblick – Éislek"

Gemengebuet
Houser Sender



# Das Ösling hautnah erleben

Visit Éislek und seine Partner bieten zahlreiche geführte Touren an, die Besuchern die Geschichte und die Kultur der Region näherbringen

Das „Éislek" ist nicht nur ein Paradies für Naturliebhaber, sondern auch ein wahrer Schatz für Kulturinteressierte. Die charmanten Städte Esch/Sauer, Clerf, Wiltz und Vianden laden mit ihren historischen Altstädten, imposanten Schlössern und malerischen Gassen zum Erkunden ein.

In der zum UNESCO-Weltdokumentenerbe gehörenden Ausstellung „The Family of Man" in Clerf können Kulturinteressierte in die Welt der Fotografie eintauchen.

Die Begleitung durch einen ausgebildeten Guide macht jede Tour zu einem unvergesslichen Erlebnis. Mit fundiertem Wissen und spannenden Geschichten wird die Vergangenheit zum Leben erweckt, und Teilnehmende können das „Éislek" mit all seinen Facetten entdecken. Dabei erhalten sie exklusive Einblicke, Insidertipps und Anekdoten, die bei einer individuellen Erkundung verborgen blieben.

Neben den klassischen Führungen bietet „Visit Éislek" auch einzigartige Erlebnistouren an. Folgen Sie den Spuren der Postreiter in Asselborn, erkunden Sie die Fluchtrouten der Resistenzler auf dem „Sentier des Passeurs" bei Ulflingen oder lassen Sie sich von der weisen „Els" durch die beeindruckende Burg Bourscheid führen. Tauchen Sie ein in die Welt der Bergleute bei einer Tour durch die Kupfergrube in Stolzemburg.

(Foto: Naturpark Our)

(Foto: Naturpark Our/Caroline Martin)

Alle Touren können eingesehen und gebucht werden über die Homepage www.visit-eislek.lu

106




Annonce
Urlaub & Kultur

# Workshop

**Nohaltegkeet a Saisonalitéit; grondleeënd Sujeten an der haiteger Kommunikatioun**

Den 10. Dezember hunn d'Léini Schreiner an d'Sieglinde Marx um Tourism Summit deelgeholl, dee vum LCTO a reegelméissegen Ofstänn organiséiert gëtt. Dobäi goung et ëm zwee Haaptsujeten, déi an der haiteger Kommunikatioun onëmgänglech sinn: Nohaltegkeet a Saisonalitéit.
Wéi kann eng Destinatioun sech nohalteg positionéieren a vermaarten? Wéi kann eng Destinatioun och an der Niewesaison Gäscht ulackelen? Déi an eng Rei aner Froe goufe wärend dësem Dag mam Pr. Xavier Font, Expert fir Nohaltegkeetsmarketing, beschwat.







# Publikatiounen

### Verdeele vu Printmaterial

Vu senge gratis Broschüren (Éislek Moments an Éislek Wanderlust (DE/EN & NL/FR)) huet den ORT am Laf vum Joer ronn 17.500 Exemplairen (op Foiren, u Betriber an u Privatleit) verdeelt. Säit der Strukturreform dierf den ORT op de Service vum Ausliwweren a Stockage vun de Broschüre vu Luxembourg for Tourism zréckgräifen.

### Éislek Wanderkaarten

Enn vum Joer huet den ORT en Neidrock vun den 10 Éislek Wanderkaarten an Optrag ginn, soudass dës rëm fir de Verkaf verfügbar sinn.
D'Kaarte goufen inhaltlech an un déi aktuell Kaartegrondlagen ugepasst.

### Éislek – Dein Augenblick

Zesumme mam renomméierte KOMPASS-Verlag huet den ORT 2024 ee Wanderguide erausbruecht, den déi 35 schéinste Wanderungen am Éislek presentéiert.
Partner kënnen de Wanderguide beim ORT fir 15,00€/Exemplaire kafen, den offizielle Verkafspräis läit bei 19,95€.
2024 huet den ORT insgesamt 340 Exemplaire verkaf.



**Wanderkaarten Set**




**Dein Augenblick – Éislek**

**Dëschsets**
2024 huet den ORT de Betriber nees Dëschsets zur Verfügung gestallt, mat flotte Motiver an Inspiratioune fir d'Éislek ze entdecken. Insgesamt goufe 46.800 Exemplaire gedréckt a verdeelt.


















# Foiren 2024

2024 huet d'Regioun Éislek sech als regionale Partner um Visit Luxembourg Stand op follgende Foirë konnte presentéieren:

- CMT – Fahrrad & Wandern Stuttgart: 13.01 - 15.01.2024
- Fiets- & Wandelbeurs Utrecht: 23.02 - 25.02.2024
- Fiets- & Wandelbeurs Gand: 02.03 - 03.03.2024
- Rad + Freizeit Forum Siegburg: 07.04.2024
- Foire Agricole Ettelbréck: 05.07. – 07.07.2024
- Jeux Olympiques Paris: 26.07 – 11.08.2024
- Expat Day: 01.09.2024




**Fiets- en Wandelbeurs Gent**

**CMT Stuttgart**






**Fiets- en Wandelbeurs Utrecht**




Rad- und Freizeit-
messe Siegburg




Foire Agricole
Ettelbréck

# Foiren 2024
















**Olympesch Spiller Paräis**



# Impressum

**Editeur**
Office Régional du Tourisme Éislek a.s.b.l.
B.P. 12 L-9401 Vianden
info@visit-eislek.lu
www.visit-eislek.lu
Visit Éislek
visiteislek

**Copyrights Fotoen**
Visit Éislek / Dan Castiglia & Jeniska Photography

**@Visit Éislek**
Alle Rechte vorbehalten.
Jegliche vollständige oder teilweise Nutzung, Vervielfältigung, Reproduktion, Veröffentlichung, Übermittlung oder Verbreitung in welcher Form auch immer, ist ohne vorherige Genehmigung von Visit Éislek nicht erlaubt.

ÉISLEK

Mir sinn uewen

*www.visit-eislek.lu*